PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau, Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

All Joers, vun ongeféier Mëtt Oktober bis Mëtt Dezember, si wärend enger Rei Wochen iwwerall am Land vill Klappjuegten. Wärend dëser Zäit gouf an de Medien, souwuel an den digitale Medie, wéi och an de Printmedien, respektiv um Radio, eng grouss ugeluechte Sensibiliséierungscampagne vum Mobilitéitsministère lancéiert, fir d'Leit drop hinzeweisen, dass d'Saison fir d'Klappjuegten ugefaangen huet a Persounen hir Vitess op de betraffene Stroossen sollen upassen.

Do dernieft stellen och d'Jeeër selwer nach Schëlder op, fir de Public drop opmierksam ze maachen, dass zu engem gewëssen Zäitpunkt op enger Plaz eng Juegd ass. Op dëse Schëlder laanscht d'Stroossen sinn dacks och Schëlder gemoolt, déi eng maximal Vitess vun 30km/h virschreiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill huet dës Campagne insgesamt kascht, opgelëscht no der Aart vun de verschidde Medie?
2. Sinn d'Vitesslimitatioun oder aner Stroossebeschëldeungenr, souwéi Spärunge vu Parkingen oder anere Plazen, déi net vu P&CH oder der Gemeng opgestallt oder virgeholl gi sinn (wéi zum Beispill d'Schëlder vun de Jeeër déi uweisen, dass eng Klappjuegd stattfënnt an op de betraffene Stroossen soll mat 30km/h gefuer ginn) rechtlech bindend? Wa jo, wat ass déi entspriechend Base légale dofir?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten